

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Verschiedene Quellen no huet Lëtzebuerg an de leschte Joren an der Moyenne e Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss vu ronn 13 Tonnen. Jee nodeem wéi eng Parameter mat aberechent ginn, ass dësen esou guer nach méi héich. Dee lescht Joer vun der Europäescher Kommissioun proposéierte Klimaschutzprogramm "Fit for 55" envisagéiert, datt den Ausstouss vun Zäregase bis 2030 ëm 55 Prozent erfogoe soll par Rapport zum Joer 1990. Europa soll iwwerdeems bis 2050 klimaneutral ginn. An der Chamber gouf an deem Kontext och scho vu politeschen Acteure proposéiert, datt een de Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss drastesch reduzéiere muss. Géif een allerdéngs op e Modell zeréckgräifen, wou de Bierger bezuele muss, wann hien e festgesate Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss iwwersteigt, géif dat mat sech bréngen, datt finanziell gutt gestallte Leit hire Liewensstil méi oder manner onverännert weiderféiere kënnen, während déi méi aarm Leit mat massiven Aschränkungen an hirer Liewensqualität konfrontéiert wäeren.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung prinzipiell der Meenung, datt et gerechtfäerdeg ass, perséinlech Fräiheeten anzeschränken, fir Klimamoosnamen, ewéi d'Reduzéiere vum Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss, duerchzesetzen?
2. Kann d'Regierung de pro-Kapp-Ausstouss vun de Lëtzebuenger Residente chiffréieren? Wéi steet d'Regierung zu där Fuerderung, datt de Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss zu Lëtzebuerg misst drastesch reduzéiert ginn a wéi eng Zilvirstellung hätt d'Regierung am Hibleck op de Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss?
3. Wéi eng Moosname wéilt d'Regierung am Beräich vun där perséinlecher Liewensféierung huelen, fir de Pro-Kapp-CO₂-Ausstouss zu Lëtzebuerg ze reduzéieren an a wéi engem zäitleche Kader misst mat der Ëmsetzung vun esou Moosname gerechent ginn?
4. Ass sech d'Regierung an deem Kontext der Problematik bewosst, datt esou Moosnamen eventuell dozou féieren, de Gruef - an domat d'Spannungen - tëscht Arem a Räich nach zousätzlech auszewäiten?
5. Wéi eng Kompensatiounsmoosname géing d'Regierung an deem Kontext huelen, fir esou Spannungen ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,
Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten